



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson an dem Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte François Bausch op d'parlamentaresch Fro n° 5479 vum 7. Januar 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup

1. Historesch Gebaier Stee fir Steen ofzebauen an op enger anerer Plaz erëm opzeriichten, ass prinzipiell méiglech, awer mat gréissere Käschte verbonnen a brauch och am Virfeld opwenneg Etuden. Eng Dislozierung soll awer just am Kader vun enger spéiderer musealer an didaktescher Opwäertung vum Gebai geschéien, well et ass net am Sënn vum Denkmalschutz an der Charta vu Venedeg, historesch Gebaier aus hirem historeschen a lokale Kontext ze rappen. D'Geschicht vum Gebai muss herno op der neier Plaz kënnen uerdentlech erkläert a novollzu ginn.

De Fond-de-Gras bitt awer och net de richtege Kader fir sou eng Méiglechkeet. De schmuelen Dall wou schonn eng Rei Gebaier bäikomm sinn, bitt keng Platz méi un fir weider Baute laanscht d'Schinnen. Et muss een den natierlechen an historesche Kader vun dësem Site respektéieren. D'Exploitation ferroviaire am Fond-de-Gras gouf vun der Prince Henri Gesellschaft gemaach, woubäi déi zwee Gebaier vun Ettelbréck a Miersch vun der Wëllem Bunn sinn. Eng Vermëschung wier hei sécher net ubruecht.

2. D'lëtzebuenger Eisebunn ass e wichtege Pilier an Zeie vun der Entwécklung vun eiser Eisen- a Stolindustrie, an huet doduerch och säin Deel zum Räichtum vun eisem Land bäigedroen. De Service des sites et monuments nationaux huet sech zënter den 1980er Joren beméit, zesumme mat de verschiddenen Associatiounen, méiglechst vill historesch Eisebunnsgefiere an aner Objeten ze konservéieren. Eng gréisser Sammlung vun historeschem Eisebunnsmaterial ass esou zesumme komm, dat zum Deel och restauréiert a fuerauglech ass.

Dës eemoleg Kollektioun, zesumme mat Dokumentatiounen bestoend aus Pläng, Fotoen, Schëlde an techneschen Installatiounen vum lëtzebuenger Zuchnetz, wier an engem Centre du patrimoine ferroviaire sécher gutt opgehewen a kéint och en Valeur gesat ginn. Fir esou en didaktesch adequaten Eisebunnsmusée muss awer e Gesamtkonzept ausgeschafft ginn, an et muss och e groussen Terrain mat Gleisuschloos zur Verfügung stoen.

Am Moment ass awer keng detailléiert Planung ugesot, wou a wéi esou en Zenter kéint entsto. Aner Prioritéiten, déi den Erhalt an d'Opwäertung vum industriellen Ierwe vu eisem Land garantéieren, ginn elo ëmgesat.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson